M. le Président.- Jo! Mä dat ass egal, och wann et nëmmen eng Stëmm ass. Mehrheet ass Mehrheet.

Une voix.- Et feelen der e puer.

M. le Président.- Dee Punkt wär dann ofgeschloss. Mir fueren da weider a kommen zur Froestonn un d'Regierung.

Fir d'éischt huet den Här Huss awer nach d'Wuert, fir eng Proposition de loi ze deponéieren.

3. Dépôt d'une proposition de loi

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst alleguerten, dass ech mech zënter Jore fir Ëmweltmedezin hei zu Lëtzebuerg asetzen. An deem Sënn wëll ech hei den Dépôt maache vun enger

– *Proposition de loi 4974 portant création d'un établissement public dénommé «Institut national de Santé Environnementale».*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vun dem Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Huss. Déi Propositioun gëtt weidergeleet un de Statsrot an un déi zoustänneg Kommissioun.

Haut de Mëtten hu mer eng Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 78 vun eisem Reglement huet den Deputéierten zwou Minutten, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung véier Minutten, fir drop ze äntweren. D'Froe kommen ofwiesselnd vu Majoritéit an Oppositioun.

Fir d'éischt hu mer lo d'Fro 232 vun der Mme Marie-Josée Meyers-Frank un de Gesondheetsminister iwwert d'Generalisten.

4. Heure de questions au Gouvernement:

- Question 232 de Mme Marie-Josée Meyers-Frank relative à la revalorisation de la situation des médecins généralistes

Mme Marie-Josée Meyers-Frank *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Médecins généralistes hunn d'lescht Woch den Noutstand ausgeruff. Den Interesse fir de Beruff hätt an deene leschte Jore massiv ofgeholl. Schlecht Aarbechtskonditiounen a keng attraktiv Gehälter par rapport zu de Studien a finanziell Investissementer wiere schold drun. Dat bréngt natierlech mat sech, dass d'Zukunft vun der Allgemengmedezin kompromettéiert ass. De grousse Verléierer ass natierlech dobäi de Patient.

Mäi Fraktiounskolleeg, de Marco Schank, hat dës Problematik an enger Question parlementaire am Januar vun dësem Joer opgeworf, ouni awer eng konkret Äntwert ze kréien.

Plusieurs voix.- Ouh?!

Mme Marie-Josée Meyers-Frank *(CSV).-* Et ass awer wichteg ze wëssen, wat d'Regierung gedenkt an dësem Dossier ze maachen, a wéi se de Beruff vum Generaliste opwäerte wëll, ob se mat den Doktere geschwat huet, fir ze kucken, wat fir Moossnamen ubruecht wieren, an ob déi vun den Doktere virgeschloe Moossname kuerz-, mëttel- oder laangfristeg ëmsetzbar sinn.

Iwwert den Noutstand vun der Médecine générale eraus ass d'Situatioun vun der Medezin am Allgemenge beonrouegend. An enger Gesellschaft, wou d'Wuelbefanne vum Patient am Mëttelpunkt steet, an déi vu villen Diskussiounen iwwert d'Recht vum Patient an Dignitéit ze stierwe geprägt ass, ass et net vertrietbar, datt d'Palliativmedezin nach ëmmer keng Prioritéit huet.

An dësem Kontext wollt ech den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner froen, wat fir eng Politik a Saache Palliativmedezin envisagéiert gëtt, wat fir konkret Moossnamen d'Regierung gedenkt esouwuel kuerz- wéi laangfristeg ze ënnerhuelen, fir d'Médecine palliative auszebauen, ob d'Regierung dem Wonsch vum Collège médical, all Dokter, deen zu Lëtzebuerg säi Beruff ausübt, sollt a Palliativmedezin forméiert sinn, nogeet, ob aner Beruffer, déi zum Corps médical gehéieren, wéi zum Beispill d'Infirmièrespersonal, Soins palliatifs an hir Initialformatioun integréiert kréien.

Ech wollt awer och nach wëssen, ob d'Regierung d'Formatioun continue vum Corps médical an dësem Beräich fuerdere wäert a wéi, an zu gudder Lescht, wéi et mam Foyer pour personnes en fin de vie steet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischt wëllt ech emol soen, dass déi Questioun, déi ech de Muere vun der honorabeler Mme Meyers-Frank kritt hunn, e liicht anere Wuertlaut hat wéi déi, déi se elo virgedroen huet. Et geet awer iwwert déiselwecht Matière.

Ech wëll drop opmierksam maachen, dass, wann hei gesot gëtt, den Här Marco Schank hätt keng Äntwert kritt, net nëmmen den Här Marco Schank Froen an deem Zesummenhank gestallt huet, mä dass nach aner Froen u mech adresséiert gi sinn an ech se alleguer beäntwert hunn, an dass ech weider, souwuel an der geschwatener Press wéi an der Presse écrite, schonn oft Positioun ergraff hunn. Et schéngt mir, dass verschidde Leit heibannen net iwwert déi Saachen an deem Mooss renseignéiert sinn, wéi et sollt sinn.

Wat d'Generalisten ubelaangt, sinn ech mir scho laang der Problematik bewosst. Ech muss soen, ech hunn ëmmer plädéiert, fir eng Revaloriséierung vun deem Beruff ze maachen. Déi Leit, déi d'Politik suivéieren, déi wëssen, dass op deem Terrain och schonn eppes geschitt ass.